N°259
Entrée le 07.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 8te Juli 2025 wéilt ech der Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten eng mëndlech Fro stellen.

D'Linn Nancy-Metz-Thionville-Lëtzebuerg spillt eng zentral Roll fir d'Mobilitéit vun de Grenzgänger tëschent Frankräich a Lëtzebuerg. All Dag benotze ronn 12.000 Grenzgänger dës Verbindung fir op hir Aarbechtsplaz ze kommen. D'Qualitéit vun dësem ëffentlechen Transport huet dowéinst eng direkt Auswierkung op d'Liewe vun Dausenden vu Leit an op d'ekonomesch Entwécklung vun eiser Regioun.

Wéi bekannt gouf, plangt d'Regioun Grand Est eng Ouverture à la concurrence fir dës Linn, mat engem Appel d'offres, deen tëschent 2027 an 2028 soll ofgeschloss ginn. Dës Entwécklung kéint dozou féieren, datt d'SNCF d'Exploitatioun vun dëser strategescher Linn verléiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

- Wéi suivéiert d'Regierung dës Entwécklungen am Grand Est a wéi eng Schrëtt ginn ënnerholl fir d'Interête vun de Lëtzebuerger Grenzgänger ze verdeedegen?
- Ass der Ministesch bekannt ob den CFL eventuell Interessi huet, fir dës Linn ze iwwerhuelen?
- Ginn et Pläng vun der Regierung fir dës wichteg Liaisoun konkurrenzfäeg ze maachen an esou zu engem beschtméiglechen Trajet a Service fir d'Frontaliere bäizedroen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten